**Schäfferotserklärung 2023 – eis Reaktioun**

Wann een dëse Pabeier vergläicht mat der leschte Schäfferotserklärung déi knapps aacht Säiten hat, seet een sech à Première vue dass an deenen 21 Säite probéiert ginn ass en seriöen Programm opzestellen. Bei enger éischter Lecture seet een sech super et ass alles dran. Vill Fuerderungen aus deene leschte 6 Joer aus der Oppositioun, och vun eis gréng si mat agebaut ginn. D'Resultat ass e „Best of" vun allen Walprogrammen, an liest sech wéi eng Wonschlëscht. Eng Wonschlëscht déi et awer wäert gëllen ëmzesetzen. An do leit d'Kromm an der Heck, well wei mer wësse gëtt dee gréissten Challenge et mat de Finanzen vun Iechternach ëmzesetzen.

An wann een dann mat deem Bewosstsinn des Wonschlëscht liest, do freet een sech wat sinn dann lo fir de Schäfferot d'Prioritéiten?

Vill wichteg Projet'en fir Iechternach déi als Prioritéit ervirgehuewe ginn an dëser Schäfferotserklärung Hunn näischt mat der Gemeng ze dinn oder besser gesot ginn net vun der Gemeng ëmgesat, an der Mobilitéit de Morgenstern, déi nei Gare, de Busreseau an den Park and Ride Hellechkräiz, de Park, esouguer Marquise ....Gin vu Ministeren aus, mat deenen et natierlech gëllt proaktiv an konstruktiv zesummen ze schaffen,wat an der Vergaangenheet net ëmmer de Fall war. Dat sinn an deenen nächste 6 Joer eis Hausaufgaben.

Mee Zeréck zu Prioritéiten, déi fir eis definitiv hätten anerer misse sinn wéi Parkingen a Fussballterrain verleeën.

Wat fir engen Erausfuerderunge muss Iechternach sech an deenen nächste Joren stellen, fir der haiteger Situatioun vu Multikrisen gerecht ze ginn. Et geet net nëmmen drëms Parkingen ze bauen. Mir mussen iwwert eisen Tellerrand kucken! Canicullen, Iwwerschwemmungen, Flüchtlingsstréim, Aartestierwen , d'Scheier tëschen Aarm a Räich déi ëmmer méi grouss gëtt, wäerten och hei zu Iechternach eis d'Liewen änneren an mir mussen eis dorops virbereeden.

An deenen Erausfuerderunge gëtt des Schäfferotserklärung net gerecht.

Mir hunn an eiser Gemeng ee vun den niddrechsdën Indice sozio-économique am Land, wierklech schued dass dir hei net méi offensiv opgrond vun dësen extreme Problemer am Sozialberäich sidd! De Pakt zesumme liewen ze ernimmen ass en Ufank an hoffen dass d'Ëmsetzung ambitiéis gëtt. Méi dono dozou vum Christophe.

Mir fannen hei och keng offensiv Politik a Klima a Biodiversitéit! Hei setz der op d'Kontinuitéit an der Persoun vum éischte Schäffen. Dëse wichtege Ressort „Klimaresilienz an Ëmweltschutz"wär Chefinnesaach gewiergt. Mir mussen hei eng Schëpp bei leen.

D'Ernimme vum Klima an Naturpakt ( Fir deen der d'Ailleurs vergiesst hutt en Naturteam bei den Aarbechtsgruppen ze nennen) ginn net duer. Mir hätten eis méi Courage gewënscht an deem kloer géif gesot ginn Mir schaffen konsequent op déi héchst Zertifikatiounen. Dir sot mir halen eis u Programmer vum Staat wou et Fric derfir gëtt an un eng Strategie déi vum Natur-a Geopark Mëllerdall ausgeschafft ginn ass. Dat geet net duer,
Gemengen mussen Virreider sinn am Energieberäich, esou zum Beispill konkret a Richtung 2000Watt-Gesellschaft goen. Regional (Mëllerdall) an grenziwwerschreidend Energie-Initiativen sinn d'Zukunft.

Ech erënneren un eng Klimaresolutioun déi mir am Juli 2020 eestëmmeg ugeholl hunn, déi hei mol net ernimmt gëtt!!! All eenzele Parking gëtt opgezielt, mee net eng vun deene konkreten Mesuren am Ëmweltbericht gëtt ernimmt. A dach dass mer mussen d'Sauer ausbaggeren, wat bewisen ass dass dat kompletten non-sens ass. Keng Ambitioun fir Eng Fairtrade Gemeng ze ginn? Richteg dat passt net bei den Outlet….!

Dir wëllt e Projet evaluéieren vun enger **Déchetterie?** An am selwechte Saaz schwätz der vun Kreeslafwirtschaft. Dat ass eng Terminologie vun virun 20 Joer. Mir brauchen en Ressourcen-Zenter. Ech hoffen jo dass dat d'Iddi ass!

Des weideren, kee Wuert zu Nord-Sud Problematik, oder eng Klima-Bündnis Gemeng ze ginn sou wéi an der Klimaresolutioun gestëmmt.

Keng Zeil méi iwwer Friddens- a Solidaritéitsgemeng an Zäite wou mer erëm Krich an Europa hunn.

Eng aner Prioritéit fir Iechternach als eelste Staat vum Land misst d'Kultur sinn. Och hei ass de Ressort keng Chefinnesaach mee ënnert dem 2ten Schäffen. Mir sinn zwar elo fort vum Zoutippe vun den Ausgruewungen um Site vun der Marquise, mee wei dir wësst, sinn mir net d'Accord mat der Minimalvariant déi am „Accord de principe" just virun de Walen nach gestemmt ginn ass, an un deem der wëllt fest halen. Mee Kultur ass net nëmmen d'Marquise mee nach villes méi! Eisen Trifolion deen sech zu engem Geniale regionalem Kulturhaus entwéckelt huet mat engem Festival wou mer an net manner wei 2 Stonnen den Empfang hunn. Wei geet et do virun?

Zesummeschaffe mat allen Partner schéngt eis evident an begréissen mer och, mee eis feelt e Kulturplang! Sou wei virgesinn am nationalen Kulturplang. Dir schlot e Sportcoordinateur

fir, firwat net en Kulturcoordinateur oder souguer en Kultur Service op der Gemeng zesummen mam Statdmarketing deen der jo wëllt eriwwer huelen. Wat mer natierlech begréissen well schonn laang vun der grénger Fraktioun gefuerdert? Jean-Claude, mir si gespaant.

Ier de Christophe wäert nach e puer Wuert zu den Kommissiounen, Budget, Sozialem an Tourismus soen, well ech wei am Ufank gesot betounen dass an dëser Schäfferotserklärung villes dran steet wat mer begréissen an ënnerstëtzen wann et dann net nëmme Floskelen sinn. Wei gesot et ass de Budget deen e Schied op dat ganzt geheit an do wäerte mir kritesch är Aarbecht suivéieren.

Dofir wäerte mir, déi gréng, och net géint des Schäfferotserklärung stemmen, mee eis enthalen, an iech eis konstruktiv Mataarbecht garantéieren.

Merci fir d'Nolauschteren

**- Déi gréng – 07/2023 -**